Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Finanzen & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Persounen, déi Photovoltaikanlagen (PV) op hiert Haus installéieren, kënnen zënter enger Rei Joren eng Subventioun fir d'Installatioun ufroen. Aktuell sinn dës Subventiounen ënnert dem Regime "Klimabonus" bekannt a ginn ausbezuelt, nodeems d'PV installéiert goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë betreffend d'Subventioun fir d'Installéiere vu PVen sinn aktuell nach net ofgeschloss?

2. Wéi vill Demandë fir d'Subventioun vu PVe goufen 2019 oder virdru gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
   Wéi vill Demandë goufen 2020 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
   Wéi vill Demandë goufen 2021 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
   Wéi vill Demandë goufen 2022 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?

3. Wéi al ass déi eelsten Demande, déi agaangen ass an nach net ofgeschloss ass?

4. Wat war dee längsten Delai, bei deem ee Bierger huet missten op d'Ausbezuele vun der Subventioun waarden?

5. Wat sinn déi am meeschte virkommend Grënn, firwat d'Subventiounen net an engem räsonabelen Delai ausbezuelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député